N°5634
Reçue le 31.01.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, 31.01.2022

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 31/01/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung weiderzeleeden.**

Et gëtt a ville Schoulen am Land säit laangem e Personalmangel, dee just duerch Astellunge vu Chargéeë ka gedeckt ginn. Ursprénglech war d'Konzept vun de Chargéeën esou geduecht, dass dës just temporär sollten an de Schoulen intervenéieren, wann et zu Enkpäss kéim, mee mëttlerweil si si feste Bestanddeel vun der Schoullandschaft. Trotzdeem sinn hier Aarbechtskonditiounen awer nach net déi selwecht, wéi déi vun de fonctionnariséierte Jofferen a Schoulmeeschteren. Vill Chargéeë verbréngen hier ganz Karriär an der Schoul, ouni jeemools vum Statut vum Employé de l'État zum Fonctionnaire wiesselen ze kënnen. Dobäi mussen si méi Stonne pro Woch schaffen a gi manner héich bezuelt wéi Jofferen a Schoulmeeschter, obwuel si déi selwecht Aarbecht leeschten an am Secondaire och dee selwechten Diplom hunn.

Fir dës Ongläichheete mëttelfristeg opzehiewen, goufen tëscht dem Bildungsministère an den Intressevertrieder och schonns an der Vergaangenheet Diskussiounen iwwert d'Méiglechkeet vun der Fonctionnarisatioun vu Chargéeën, déi iwwert 10 Joer Beruffserfarung hunn, gefouert.

Bis elo ass de Wee fir d'Fonctionnarisatioun fir d'Chargéeën awer nach net op.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wou sinn d'Aarbechten un enger Piste fir d'Fonctionnarisatioun vun de Chargéeën aus dem Secondaire aktuell drun?

   Wéini wäerten dës Aarbechten ofgeschloss sinn an d'Fonctionnarisatioun opstoen?

2. Ass geplangt och eng Piste fir d'Fonctionnarisatioun vun de Chargéeën aus dem Fondamental auszeschaffen?

   Falls jo, wéini sollen dës Aarbechten ofgeschloss sinn an d'Fonctionnarisatioun opstoen?

Falls nee, wisou net?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député

**Gemeinsam Äntwert vum Här Minister fir Educatioun, Kanner an Jugend, Claude Meisch, an dem Här Minister fir d'Fonction publique, Marc Hansen, op d'parlamentaresch Fro Nr. 5634 vum honorabelen Deputéierten Här Député Sven Clement**

**Ad 1)**

Den 1. Oktober 2021 gouf de Gesetzesprojet 7894 an der Chamber deposéiert. Dëse Projet gesäit nieft enger Upassung vun der Organisatioun vum Institut de formation de l'éducation nationale (IFEN) och vir, d'Dispositioune vum groussherzogleche Reglement vum 29. August 2017 iwwert d'Fonctionnarisatioun vun den Employéen aus dem Sous-groupe Enseignement (Chargéen) an dëse Gesetzestext ze integréieren. Dëse Projet gouf de 7. Oktober 2021 un déi zoustänneg Chamberkommissioun weidergereecht an den 8. Oktober huet d'Chambre des fonctionnaires et employés publics, souwéi den 1. Februar 2022 de Conseil d'État, hiren Avis dozou ofginn.

Schonns de 7. August 2020 gouf de Staatsrot mam Projet vun engem groussherzogleche Reglement saiséiert, deen de Reglement vum 29. August 2017 modifizéiere sollt. Ënnert anerem sollt hei d'Fonctionnarisatioun fir déi nei geschafe Centres de compétences, souwéi den Institut étatique d'aide à l'enfance et à la Jeunesse an de Centre socio-éducatif de l'État opgemaach ginn. Allerdéngs huet de Staatsrot a sengem Avis 60332 vum 23. Februar 2021 drop opmierksam gemaach, datt verschidden Dispositioune riskéieren, net konform zum Artikel 5 vun der Verfassung ze sinn. Doropshi gouf decidéiert, deem Rechnung ze droen an de Contenu an de Gesetzesprojet 7894 opzehuelen.

Et sief drop higewisen, datt op Basis vum groussherzogleche Reglement vum 29. August 2017 schonn eng Partie Employéen aus dem Enseignement secondaire fonctionnariséiert goufen.

**Ad 2)**

Am Enseignement fondamental gi momentan ënnert dem Regime vum Employé exklusiv just Quereinsteiger rekrutéiert. Dës Enseignantë kënne sech no enger Formatioun en cours d'emploi vun 246 Stonnen um IFEN an enger praktescher Formatioun dem Concours de Recrutement stellen an iwwert dëse Wee schonn no engem Joer an de Stage vum Fonctionnaire kommen.

Lëtzebuerg, den 8. Mäerz 2022

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH